N°1639
Entrée le 09.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.12.2024
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 9. Dezember 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Am Koalitiounsaccord hat d'Regierung sech zum Zil gesat, d'Personaliséiere vun den Immatrikulatiounsplacken vu Gefierer zouzeloossen. Dobäi soll sech um Beispill vun der Belsch inspiréiert ginn. Esou e System hätt och zum Virdeel, dass de Staat zousätzlech Recette generéiere kéint.

An deem Kader wëlle mir follgend Froe stellen:

- Wëssent, dass d'Waardelëschte fir eng 4-stelleg Plack quasi direkt vun der neier Regierung ofgeschaft goufen, wéi wäit sinn d'Aarbechten, fir d'Personaliséiere vun den Immatrikulatiounsplacken um Beispill vun der Belsch ze erméiglechen?
- Ginn et schonn Iwwerleeungen zum Montant vun de Käschten fir déi intresséiert Leit?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori

Deputéierten

Yves Cruchten

Deputéierten